



Eis Sprooch léieren

Dat ass eng Fro, déi fir all Sprooch gëllt; **d'Äntwert muss ee jo 'beim Kand' ufänken.** Kloer ass, datt déi kleng Grimmelchen ewell am Bauch vun senger Mammi an esouguer vun deer hirer direkter Ëmwelt d'Sprooch, **virun allem den Tounfall** vun deer hirem Idiom matkritt; dat bestreit haut kee Wëssenschaftler méi... et ass och de Fall fir d'Lëtzebuergesch! Vlächcht huet dir ewell eppes an dësem Sënn hei matkritt, mä et kann een net op genuch Fassongen drun erënneren.

vum Lex Roth



Ass de Puppelchen op der Welt, kréien seng 'grouss' Oueren natierlech alles mat, wat ronderëm geschwat gëtt, och wa vu Verstoen nach keng Ried geet; mir gesinn ower heinsdo eng Zort Grinsen an deer léiwer Kuck, apaart wann d'Mammi léif mam Këndche schwätzt. **No an no kommen dann déi éischt 'getéitschte' Wierder;** bei engem éischter wéi bei deem aneren, wat ower net onbedéngt mat 'Intelligenz' ze din huet. Normalerweis babbelt de Stippche mat 2 Joer scho ganz flott...an dann ass d'Sprooch esou géint 4-5 Joer zimlech passabel. Dat ouni Buch an ouni Grammaire! Wëssenschaftlech läit ewell zënter Joer an Dag fest, datt dës 'primär' Sprooch e Liewe laang am Gehier op deer anerer Säit vun alle Sprooch sëtzt, déi herno duerch klassescht Léieren oder 'd'Ëmwelt/d'Ëmstänn' bäikommen.

Et schéngt och net 'dolaanscht' ze sinn, datt de sougenannte IQ (Intelligenzquotient) bei deer ganzer Liewensevolutioun eng wichteg Roll spillt, wéi z.B. déi bekannt Fakten iwver eng 'tête matheuse' respektive 'langagère'; dat och, wann een déi zwéin 'Tätien' huet. **Bei de Sprooch steet de 'Verhalt' virbäi, bei den 'exakte' Fächer dat sougenannt 'logesch' Denken.** Dofir fanne mir der an der Schoul, déi ganz gutt an de Sprooch sinn, ower et méi schwéier am Rechnen/der Mathematik hunn...an ëmgedréint. Mat laanger Erfahrung als Enseignant a Papp vu 5 Kanner kann äre Schreier do e ganz Lidderbuch sangen. ☺

Wéi ass et dann do mam Lëtzebuergesch? Mä genee wéi mat alle Sprooch: **d'Praxis ass de Kär!** D'Buch an d'Grammaire hu fir d'Sprooch eng Zort Bedeitung wéi d'Blénkbiischt bei de Schong. An anere Wieder: Wann eng Sprooch net am gewéinleche Gebrauch ass, da kann si sech net entwéckelen a gëtt 'blatzeg'. Wa mir also mat engem Fransous oder Portugis, engem Engländer oder Däitschen **hir** Sprooch méi oder manner gutt schwätzen, aplaz déi vun hei, da brauche mir äis net ze wonneren/iergeren, datt d'Lëtzebuergesch fir déi 'aner' kee praktesche Wert kritt! **Et léiert nun emol kee schwammen, ouni an d' Waasser ze kommen.**

Natierlech kënnt gär direkt d'Fro vun eiser Sprooch beim Bäcker, dem Metzler oder soss engem Geschäft op. Dat ass emol d'éischt **d'Saach vun deenen hannert der Théik**, wou d' Lëtzebuurger haut zimlech rar geséint sinn... ower och vun eiser Astellung bei deer Saach. Et schéngt net schlecht ze sinn, **wann een zwar op Franséisch äntwert... ower datselwecht direkt hannendrun op Lëtzebuergesch iwwersat schwätzt**, well hei gëllt och deelweis, wat hei uewe steet: Wa keen eng Sprooch mat engem schwätzt, da 'verkennt' déi Grimmel, déi ee weess.

Nach eng kleng Fro: Huet dir ewell dru geduecht, engem 'Frien' **dëst oder dat Buch an eiser Sprooch ze schenken?** Et gëtt hei, wéi an anere Sprooch knapps eppes Besseres, fir egal watfir en 'Idiom' ze 'fixéieren!

Den 'Unzéckert'?

Mäi fréieren Direkter Aloyse Reiffers war e feinen Här an e begeescherte Jeeër. Hien huet emol hannert mir gestéppelt, **wéi deen Hond giff heeschen, deen op der Juegd ëmmer virop geng lafen;** dat ass am Juegdlatäin den 'Unzéckert'!


Op déi Manéier kënnt ee jo da vlächcht froen, **wien den 'Unzéckert' beim Gesetz vun 1984 iwver d'Sprooch hei am Land war**, grad wien dann elo fir d'Lëtzebuergesch an eiser Verfassung 'vrun der Hickecht' gelaf ass. An deenen zwéi Fäll kënnt **knapps ee laanscht d'Actioun-Lëtzebuergesch.** Dee 'Spaass' huet dann elo ronn 40 Joer gedauert! Mir kënnen haut soen datt eis Regierung(en), de Staatsrot an d'Chamber dat **gesetzlech ënnerstrach hunn, woufir eis Grousselteren an Elteren den 10. Oktober 1941 hire Courage dohinnergehal hunn**, fir den Nazien an de Kapp ze geheien, eis Sprooch wier d'Lëtzebuergesch. Doriwwer eraus ass eng kloer Situatioun iwver d'Sproochlandschaft am Grand-Duché geschafe ginn. Am Fong huet eis Actioun fir d'Sprooch dat erreecht, woufir si eng Zort Heemechtsmedail verdéngt hätt, oder?

Et heescht elo, dofir ze suergen, datt déi legislativ Bestëmmunge lieweg ginn... a bleiwen!

Eiser Lidder

Deelweis wonnert ee sech, **wéivill 'hired' Lidder d'Fransousen, d'Engländer, d'Italiéiner, déi Däitsch oder d'Portugisen als Kanner léieren an hirt ganz Liewe laang 'bei sech' behalen.** Dat huet fir äis vlächcht just fir en etlech Kleeserchesliddercher gegollt. Et huet an der Zäit gär geheescht, 't giff een eis Lidder néierens fannen... wat am Fong net richtig war, well et sinn ëmmer erëm kleng Heftercher doruechter 'erausgekroch', déi dann ower **zimlech rar an deier** waren.

Mir hunn da vrun e puer Dose Joer op dës Ëmstänn mat engem Bichelche geäntwert, an deem eis bekannteste Lidder professionell mat Nouten/Akkorden an Text ze fanne waren, dat am 'Tascheformat 15x10 cm'; fir de Päiss vun enger 'Pizza' ...dat huet ageschloe wéi eng Bömmchen, sou datt mir och vun der 5. Editioun(!) elo praktesch keng méi haben! Dofir ass déi 6. Editioun elo an den Drock gaang a **wäert ëm d'Ouschteren nees do sinn...** z.B. Zäit fir mat an d'Täsch fir e Veräinstierchen.



N.b.: De Schoulministère giff gutt drun din, 'Eiser Lidder', grad ewéi aner Bicher an de Programm vun der Grondschoul ze huelen, esou ewéi eng grouss Partie Veräiner dat fir hir Sängerinnen a Sänger ewell joerelaang maachen. Mir loosse hei ganz gär 'mat äis schwätzen' ☺

Eis Sprooch an d'Wahlen

D'Actioun-Lëtzebuergesch ass u sech no hire **Statuten onpolitesch.** Dat heescht ower net, datt e Member vum Comité seng **perséinlech politesch Meenung kann hunn**, oder als fräie Bierger an iergendenger Partei däerf sinn... mä net als Kandidat oder Gewielten!

Mir hunn och nach ëmmer alle Parteie **fir d'Wahlen eis sproochlech Hëllef** ofréiert, wann dat erwünscht war; dat gëllt natierlech grad esou fir dëst wichtegt Wahljoer... an deem mir wënschen, datt d'Lëtzebuergesch erëm däitlech – nom Gesetz an der Constitutioun – seng Plaz kritt.

Net léif!

Natierlech fënnt een **d'Fluchen an 'déck' Wieder net esou geckeg an de Sprooch-Dictionnairen;** och an eise net grad kéipweis. Mä da **probéiert dës Beispiller emol an anere Sprooch** ze fannen: *Knaschert, Klunnes, H...jeeër, Fatzert, Lijebatti, Faschert, Déckkapp, Klatzkapp, Blatzkueder, Rotzert, Queeschen Hond, Schnuddelfaass, Plattféisser, Uschësser, Baluckert, schiele Guckuck, krommen Hond, rose Louder, Kozfësser, Sténkert, Muurtrëppeler, domme Geck...* Jo, alles **net schéin, net fein an net léif**; et gëtt dee gelungenen Eck ower an all Sprooch. Och an eiser. Vlächcht denkt dir emol drun, dee gelungenen 'Wusch' ze iwwersetzen ☺